**01** | 2023

# REWA NEWS




Bei eis sidd Där doheem.
säit 2012

CIPA-SANEM.LU

GEMENG SUESSEM

CIPA
RÉSIDENCE
OP DER
WAASSERTRAP

## EDITORIAL

- Simone Asselborn-Bintz

## VIRWUERT

- Alain Willet

## RÉCKBLÉCK

- Kleeschen
- Chrëschtbasar
- Label Humanitude - Tageblatt
- Label Humanitude

## VERSCHIDDENES

- NEUROvitalis
- De Programm
- Basketmatch
- Buchvirstellung
- Nei Mataarbechter
- Kräizwuerträtsel
- Et hunn eis verlooss



# IMPRESSUM

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA Résidence Op der Waassertrap |
| REDAKTIOUN: | Residenten, Tamara Abate, Flora Oliveira |
| LAYOUT: | Tamara Abate, Flora Oliveira |
| VERBESSERUNG: | Service des Relations publiques et de la Culture |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animatioun a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | Am CIPA Résidence Op der Waassertrap |
| ADRESS: | Résidence Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en Don<br>LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE |
| INTERNETSITE: | www.cipa-sanem.lu |

# EDITORIAL



Léif Awunner an Awunnerinnen aus dem
"CIPA Résidence op der Waassertrap", léif alleguer,
d’Joer 2022 war e speziellt Joer. Ech denken, jiddweree kuckt ëm dës Zäit zeréck, wat geschitt ass a mécht sech eventuell Gedanken iwwer dat wat dat neit Joer eis brénge wäert. De Réckbléck ewéi och d’Zukunftspläng hu bei jiddwerengem seng eege Bedeitung.
An trotzdeem ass net ewechzedenken, datt d’Joer 2022 eis och erëm erausgefuerdert huet. Nodeems mir all geduecht hunn, mir hätten d’Covidkris lues a lues am Grëff, koum schonn déi nächst Schwieregkeet op eis duer. De Krich an der Ukrain huet säit dem leschte Fréijoer Auswierkungen op déi ganz Welt. Präiserhéijungen, Energieengpäss a Liwwerschwieregkeete sinn Deel vun eisem Alldag ginn. D’Solidaritéit géintiwwer den Ukrainer·innen an all de Betraffene läit mir de Moment besonnesch um Häerz.
Niewent dëse Schwieregkeete war d’Joer 2022 fir de CIPA awer och en erfollegräicht Joer. D’Hygiènesmesurë sinn drastesch erofgaangen, esou datt Fester, Concerten a vill aner Aktivitéiten am Haus erëm méiglech waren.
Wéi dir villäicht all wësst, huet de CIPA elo schonn 10 Joer. An där Zäit ass vill am a ronderëm d‘Haus geschitt an ech hoffen, datt d’Résidence op der Waassertrap sech och weiderhi vill entwéckele wäert. Zesumme kënne mir houfreg sinn, datt zanter kuerzem d‘Brasserie am CIPA vum Restaurant Madame Witzeg nei belieft gëtt. Dësen inklusiven an innovative Restaurant bitt net nëmme Mënsche mat Trisomie21 eng Chance fir enger normaler Aarbecht nozegoen, ma déi nei Nopere sinn e Gewënn fir de CIPA an eis ganz Gemeng Suessem.
Op dëser Plaz geet dann och e grousse Merci un all d’Mataarbechter·innen, déi Aussergewéinleches am Haus leeschten, eraus. Ënnert nach ëmmer spezielle sanitäre Sécherheetsmesurë wiisst d’Personal iwwert sech eraus, fir d’Awunner·inne beschtméiglechst ze protegéieren, ouni dobäi Mënschlechkeet a Matgefill vermëssen ze loossen.
Ech wënschen Iech an Äre Léifsten alles Guddes am neie Joer a virun allem eng gutt Gesondheet.

Simone Asselborn-Bintz,
Är Buergermeeschtesch

# VIRWUERT



Léif Lieser a Lieserinnen,

En mouvementéiert Joer ass zu Enn an 2023 huet voller Elan ugefaangen.
D'lescht Joer CIPA war markéiert vun 10 Joer bestoe vun der "Résidence op der Waassertrap" wou mer e Puer flott Saache mat eise Leit gemaach hunn. Ënnert anerem e Video mam Serge Tonnar, eisem neien Internet Site mat enger Video-Presentatioun fir der just e puer ze nennen.
Den Highlight 2022 war sécher, dass mer d'Zertifikatioun vun der Humanitude mat Mentioun kritt hunn, wou mer bal 7 Joer dorops hi geschafft hunn. Et war en laangen an net ëmmer einfache Wee a mer sinn houfreg als éischt Haus ausserhalb vu Frankräich déi prestigiéis Unerkennung kritt ze hunn.
Och fir dëst Joer hu mer eis erëm genuch virgeholl.
De Schwéierpunkt läit beim Encadrement an der Formatioun vun eisem Personal. Eis Ekippen hunn sech vergréissert an et ass Personal agestallt gi fir déi Leit ze ersetzen, déi an hier wuelverdéngte Pensioun gaange sinn.
Well de CIPA Rewa d'Formatioun staark encouragéiert an ënnerstëtzt, wëlle mer dat ganzt Personal un eis Philosophie de l'Humanitude forméieren an och d'Qualitéit vun eise Prestatioune mat Hëllef vu cibléierten Aktiounen nach verbesseren.
Fir d'Stierfbegleedung si mer houfreg intern Formateuren ze hunn, déi d'Personal an der Palliativfleeg coachen.
Mat 10 Jore Bestoen ass et och un der Zäit verschidde Renovatiounen ze entaméieren am Bannenberäich vum CIPA.
Am Numm vun der Direktioun an dem Personal wënsche mer Iech e schéint a gesond Joer 2023.

Alain Willet

# KLEESCHEN





***Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen, bréng ons Saachen allerhand,***

***fir ze kucke, fir ze schmaachen, aus dem schéinen Himmelsland!***

***Bei der Dir, do stinn eis Telleren, beieneen an enger Rei,***

***'t läit och Hee do fir däin Iesel, duerfir bréng ons Spillgezei,***

***'t läit och Hee do fir däin Iesel, duerfir bréng ons Spillgezei!***




All Joers fënnt de Kleeschen och de Wee an de "CIPA Rewa". Grouss a Kleng hunn sech iwwert seng Presenz gefreet. Glühwäin a waarm Käschte goufen et ze genéissen. De Kleeschen huet de Bewunner eng gutt gefëllten Titche mat Schneekegkeete verdeelt an esou dat eent an anert Laachen an d'Gesiicht gezaubert.

# CHRËSCHTBASAR

Vill Leit haten de Wee an de CIPA fonnt. De Chrëschtbasar hat e groussen Erfolleg. Niewent verschiddene Stänn huet den Duo Zanella fir déi musikalesch Stëmmung gesuergt. D'Leit konnte bei engem gudden Iessen mat hire Léifsten d'Chrëschtstëmmung am Virfeld genéissen.











# LABEL HUMANITUDE - TAGEBLATT



Tageblatt
Seite 19 / Nr. 6
Samstag/Sonntag, 7./8. Januar 2023

LËTZEBUERG
SPORT
2

# Wo Lebensfreude großgeschrieben wird

**SANEM** Zu Besuch im CIPA „Résidence op der Waassertrap“

EINZELHEITEN S. 21 (Foto: Editpress/Tania Feller)

# Begegnungen auf Augenhöhe

**SANEM** CIPA „Résidence op der Waassertrap" erhält Qualitätslabel „Humanitude"

Anne Ludwig

**Das CIPA „Résidence op der Waassertrap" wurde kürzlich mit dem Label „Humanitude" ausgezeichnet. Die Einrichtung verpflichtet sich damit, den Bewohnerinnen und Bewohnern Lebensfreude zu schenken.**



Fotos: Editpress/Tania Feller

Die Senioren können an vielen Aktivitäten teilnehmen, darunter sportliche Betätigungen und Kochateliers

„Bei dem Label geht es darum, sich wieder Zeit für die Bewohner zu nehmen", erklärt Delia Tornambé, Qualitätskoordinatorin im CIPA „Résidence op der Waassertrap" in Beles. Im November wurde dem „Centre integré pour personnes âgées" das französische Label „Humanitude" von der Vereinigung „Asshumevie" verliehen. Damit ist das CIPA die erste Luxemburger und internationale Einrichtung, die diese Zertifizierung erhalten hat. Der Bewerbungsprozess begann 2014. Für das Label müssen eine Reihe von Kriterien erfüllt werden. Durch die Corona-Pandemie hat das gesamte Verfahren mehr Zeit in Anspruch genommen als erwartet.

„Wir versuchen, dem Bewohner Freude am Leben zu geben", so Tornambé weiter. Deswegen wird viel mit den Seniorinnen und Senioren unternommen: Sie können sich an vielen Aktivitäten beteiligen, an Ausflügen und Urlaubsreisen teilnehmen, und auch das Essen spielt eine Rolle, damit sie sich wohlfühlen.

Außerdem versucht das CIPA, den Bewohnerinnen und Bewohnern einen Lebenswunsch zu erfüllen. Je nachdem fallen diese größer oder kleiner aus und reichen von einer Reitstunde bis hin zu einer Reise nach New York, erzählt Emilie De Temmerman. Sie ist die Verantwortliche des Bereichs „Assistance et soins". Andere wiederum wollen nochmal hoch hinaus auf den Belvaler Hochofen, da sie lange dort gearbeitet haben, oder die belgische Küste besuchen.

Das Label „Humanitude" basiert auf fünf Prinzipien, nach denen das Leben der rund 120 Bewohnerinnen und Bewohner gestaltet wird. Der erste Grundsatz nennt sich „Zéro soin de force, sans abandon de soin". Die Seniorinnen und Senioren werden zu nichts gezwungen. Sie können beispielsweise aufstehen, wann sie wollen, und wenn sie nichts essen wollen, dann müssen sie das auch nicht tun. Das Personal behält trotzdem ein Auge darauf, dass sie genug Nahrung zu sich nehmen und dass es ihnen an nichts fehlt.

Das zweite Prinzip heißt „Vivre et mourir debout": Die älteren Menschen sollen, solange es geht, autonom bleiben, führt Tornambé aus. Das Personal sei dafür da, sie zu motivieren und zu begleiten. Zu dieser Autonomie gehört die tägliche Pflege, wie auch die Fortbewegung. Sie sollen beispielsweise so lange wie möglich selbstständig gehen können. Die Dienste der Physio- und Ergotherapie sorgen dafür, dass sich ausreichend bewegt wird. Ein Fitnessraum steht zur Verfügung, außerdem stehen regelmäßig Gleichgewichtsübungen auf dem Programm.

„Respect de la singularité et de l'intimité" ist die vierte Regel, die befolgt werden soll: Das Personal soll die Tornambé. Zu diesem Respekt gehören sowohl das Anklopfen als auch die Regel, dass sich die Pflegekräfte jedes Mal vorstellen und bei jeder Handlung erklären, was nun passieren wird. Dem jeweiligen Rhythmus, den Gewohnheiten und Wünschen der älteren Menschen wird Rechnung getragen, anstatt, dass sie sich der Hausordnung anpassen müssen.

Ganz im Sinne des Kriteriums „Ouverture vers l'extérieur" stehen die Türen in Beles offen: Ausflüge an der frischen Luft und zur Familie sind erlaubt. Freunde können im integrierten Zentrum vorbeikommen. Festgeschriebene Besuchszeiten gibt es nicht.

„Lieu de vie, lieu d'envie" nennt sich das letzte Prinzip. Es dreht sich um alle Aktivitäten, die Freude bereiten. Dazu gehören das Erfüllen von Lebenswünschen, wie auch die Frage der Verpflegung. In Beles wird stets frisch gekocht und mittags stehen etwa drei verschiedene Menüs zur Auswahl, die direkt im Restaurant bestellt werden können.

Delia Tornambé ist die Qualitätskoordinatorin des CIPA in Beles





Die älteren Menschen können ihr Zimmer ganz nach ihrem Geschmack einrichten

Wichtig sei auch, dass die Pflegekräfte den Menschen im Seniorenheim auf Augenhöhe begegnen – im persönlichen Gespräch und täglichen Miteinander. Nicht das Personal bestimme, was gemacht werde, sondern die Bewohnerinnen und Bewohner, so Delia Tornambé abschließend.

Das CIPA „Résidence op der Waassertrap" wurde 2010 eröffnet










RÉCKBLÉCK

# LABEL HUMANITUDE

Den 8. November 2022 war eng Delegatioun vum CIPA "Résidence Op der Waassertrap" zesummen mam Ressortschäffe Steve Gierenz zu Paräis, fir d'Iwwerreechung vum Label "Humanitude". De CIPA Rewa huet als éischt internationaalt Haus dëse franséische Label de bientraitance kritt. Dëse Label steet dofir, datt de CIPA Rewa senge Bewunner probéiert, déi beschtméiglechst Liewensqualitéit ze bidden.



# NEUROvitalis

„Ech verléieren main Gediechtnes“

„Ech verhaalen näischt méi“

„Mäin Kapp mécht wat en wëll“

Dës sinn nëmmen e puer Beispiller vu Sätz oder Gedanken, déi ee reegelméisseg vun "eelere" Mënschen héiert.
Am Alterungsprozess vun eis Mënschen gehéiert ee liichte Gediechtnesverloscht derzou, mee och degenerativ Erkankungen, ewei Demenzerkrankungen (z.B. Alzheimer-Demenz, vaskulär Demenz, Korsakow-Demenz) oder och d‘Parkinson-Erkankung, reduzéieren déi kognitiv Leeschtungsfäegkeeten. Dëst bedeit fir de Betraffenen ëmmer een haarde Kampf mat sech selwer an sengem Ëmfeld an léist vill ënnerschiddlech Emotionen héichkommen.
Am Joer 2010 ass vun der Uniklinik Köln ee wëssenschaftlech fondéierten neuropsychologeschen Gediechtnestraining entwéckelt gi fir déi kognitiv Fäegkeeten oprechtzeerhalen an ze verbesseren an esou och preventiv dem altersbedéngte Leeschtungsofbau entgéint ze wierken: **Den NEUROvitalis**.
De CIPA Rewa wäert dëse Gruppentraining ab Januar 2023 eise Residenten ubidden. Dëse fënnt wéchentlech an engem klenge Grupp (bis zu max. 8 Persounen) am CIPA statt.

**Wéi kann ee sech d‘Ëmsetzung virstellen?** All Woch trëfft de selwechten Grupp sech wärend 90 Minutten. Ugefange gëtt mat engem kuerzen Theoriedeel an da ginn zesumme Gediechtnesaufgaben geléist, an dëst wärend 12 Wochen. D‘Vilfalt vun den Aufgaben versprécht Ofwiesslung a Form vun Textaufgaben a Gesellschaftsspiller. Et ginn och ënnerschiddlech Schwieregkeetsgraden ugebueden.





**Fir ween ass et gëeegend?** Dëse Gediechtnestraining ass gëeegent fir Persounen ab 50 Joer mat oder ouni liicht kognitiv Aschränkungen; mat enger degenerativer Erkrankung oder net.
**Wéi eng Beräicher trainéieren mir?** D‘Aarbechtsgediechtnis, d‘Opmierksamkeet, d’Léier- a Mierkfäegkeet, Denken- a Planungsfäegkeet ewéi och die sproochlech Kompetenzen gi geférdert.

**Méi Informatiounen kritt Dir beim Claudia Ceccato (Tel. 59 49 40 4404)**

# DE PROGRAMM

## FEBRUAR

| | |
|---|---|
| 4.2. | KABARET "STENKDEIER" AM ARTIKUSS |
| 7.2. | APERO BEIERHAASCHT—MÄNNERSORTIE |
| 9.2. | MELOMANIA AM ARTIKUSS |
| 23.2. | BELVAL—MÄNNERSORTIE |
| 26.2. | BUERGBRENNEN |

## MÄERZ

| | |
|---|---|
| 3.3. | BRASS BAND ESCH |
| 16.3. | APERO FREE TIME—MÄNNERSORTIE |
| 24.3. | VILL KAMÉIDI FIR NÄISCHT AM ARTIKUSS |
| 28.3. | WAR MUESEUM BASTOGNE—MÄNNERSORTIE |

Ab Mäerz 2023 trieden d'Ile aux clowns all drëtte Mëttwoch vum Mount am CIPA op.

Iwwert all spontan Sortie gi Dir via eis Pinwand, déi beim Restaurant hänkt, informéiert.

Mellt Iech wgl. bei der Animatioun un.

# BASKETMATCH

Den éischten offizielle Match vun Basketsekipp aus dem CIPA Rewa gouf den 9. Januar 2023 um Scheierhaff/KUSS an der Sportshal ugepaff. Eis motivéiert Spiller trainéieren eemol an der Woch an hiren éischte Géigner waren d'Mataarbechter vun der CARGOLUX. D'Stëmmung bei de Supportere war phänomenal a si hunn op der Tribün fir eng gutt Ambiance gesuergt. Mat de Wierder „Let's go CIPA, let's go" kruten eis Spiller eng weider Well Ënnerstëtzung. Dës Partie ass mat engem Endresultat vu 37:60 un d'Cargolux gaangen. De Match vum 23. Januar 2023 huet sech an der Sportshal vum Kannercampus ofgespillt an d'Géigner waren d'Mataarbechter vum BBC House of Startups. Dës Victoire ass un de CIPA Rewa gaange mat engem Endresultat vu 54:33. Den nächste Match ass den **21. Februar 2023** um 18Auer30 zu Schëtter an des Kéier sinn d'Géigner de BBC Penitencier. Eis Spiller hunn och lo offiziell hir Uniforme kritt, déi si wärend de Matcher droen an de CIPA representéieren. D'Uniforme goufe vum CIPA Rewa gesponsert.











# BUCHVIRSTELLUNG




*De Fléiepëlz* ass e Lëtzebuerger Orbis Pictus mat an éischter Linn Beobachtunge vun a Kommentarer iwwer d'Sprooch – mol eescht, mol ironesch, awer ëmmer witzeg. um hënneschten Deckel vum Buch heescht et:

*Wéi eng gëfteg Mouk op hirem Fléiepëlz huckt hei en ale Knouterwiichtel an sengem Grant a katapultéiert onappetitlech Pefferkären an nostalgesch Kamellen iwwer d'Remparte vum politesch Korrekte mëtten an seng kathoulesch Heemecht, duer, wou se am lëtzebuergeschsten ass. Mee hannert deem Knouterer verstoppt sech en Auteur, deen seng Lieser ëmmer erëm mat engem Gemësch vun Tatsaachen a Fakenews hannert d'Liicht féiert an se mat neien ale Wierder respektiv „richtegen" a „falschen" Ausdréck veronséchert.*

## De Fléiepëlz – BUCHPRÄIS 2022

DE FLÉIEPËLZ vum Pit Schlechter, illustréiert vum Pit Weyer, ass kuerz virum Summer 2022 erauskomm. Offiziell virgestallt gouf d'Buch an enger ganz sympathescher Feier op der Terrass vum Café littéraire *Le Bovary* zu Weimeschkierch am September. An am November, just virun de Walfer Bicherdeeg, krut d'Wierk dunn de *Lëtzebuerger Buchpräis* an der Kategorie Literatur!

# NEI MATAARBECHTER

Mäi Numm ass Naida Osmanovic an ech schaffen an der Receptioun.



Ech heesche Vanessa Susana Dos Santos Inacio a schaffen als aide-soignante um BF 2.



Mäi Numm ass Peggy Brosius an ech schaffen an der Animatioun.




Ech sinn de Max Groben a schaffen an der Animatioun.



Ech heeschen Tammy Dostert a schaffen am service éducatif a social.



# KRÄIZWUERTRÄTSEL



# ET HUNN EIS VERLOOSS

| | |
|---|---|
| MME MULLER-SCHAEFFER MARIE-ROSE | +05/11/2022<br>AM ALTER VUN 79 JOER |
| M. HODZIC IBRAHIM | +17/11/2022<br>AM ALTER VUN 73 JOER |
| MME BOUR SCHEITLER ANNE | +19/11/2022<br>AM ALTER VU 86 JOER |
| MME GORGES GLESNER JEANNE | +02/12/2022<br>AM ALTER VU 85 JOER |
| M. D'AURELIO EZIO | +04/12/2022<br>AM ALTER VUN 72 JOER |
| MME NEUBAUER GRAHL HEDY ANITA | +08/12/2022<br>AM ALTER VU 87 JOER |
| MME DEFENDI CALDARELLI FRANCA | +14/12/2022<br>AM ALTER VU 95 JOER |
| MME GALES-HEINEN JEANNE | +17/12/2022<br>AM ALTER VUN 91 JOER |
| M. ALFF FRANÇOIS | +25/12/2022<br>AM ALTER VU 86 JOER |
| MME REIMEN-RIES MADELEINE | +28/12/2022<br>AM ALTER VUN 90 JOER |
| MME ERFKAMP-MANDERSCHEID MARTHE | +31/12/2022<br>AM ALTER VUN 91 JOER |



Léif Bewunner,

En neit Joer huet ugefaangen. Mir wënschen Iech eng gutt Gesondheet, vill Freed a glécklech Momenter fir 2023.
Mir soen Iech alleguerten ee grousse Merci, dass Dir esou léif un ons geduecht hutt fir d'Feierdeeg.

An der Hoffnung Iech weider zefridden ze stellen, wënsche mir Iech an Ärer Famill alles Guddes an ee glécklecht neit Joer.

D'Personal vum CIPA Rewa.



© 2022
CIPA Résidence Op Der Waassertrap
L-4408 Belvaux
TEL. +352 59 49 40 - 1